# "Public WiFi, done right"

## Freifunk - Fräifunk - Fräie Funk?


Mir sinn eng Initiativ ouni Gewënnzweck mat dem Zil, enn flächendeckend fräit WLAN-Netzwierk opzebauen. Mir schaffen mat verschiddene Communautéiten uechter d'Land an ënnerstëtzen Geschäfts- a Privatleit dobäi, Freifunk bei sech ze installéieren.

## Freifunk notzen


An de WLAN-Astellunge vum Handy, Laptop, Tablet oder ähnlechem d'Netzwierk "luxembourg.freifunk.net" auswielen a scho surft een am fräien Netz! ET muss een sech néieren registréieren, et musse keng Notzungsbedingungen akzeptéiert ginn a mir protokolléiere keng iwwerdroen Daten.

# Matmaachen

1. Gëeegenten Router besuergen
Einfacher kaschten ëm déi 20€




2. Freifunk-Software opspillen
Wéi geet dat? Kuckt op freifunk.lu oder einfach bei engem Freifunk-Treffen dobäi sinn!



3. Freifunk-Router mam privatem Router verbannen (Jee no Méiglechkeet)
Freifunk-WLAN gëtt fir jiddereen ouni Störerhaftung fräiginn.

4. Freifunk-Router op enger passender Plaz opstellen.
Méiglechst esou, datt en sech mat anere Freifunk-Router verbanne kann.
D'Freifunk-Router bilden ee Mesh-Netz.




## Wat bitt Freifunk mir?

- Gratis WLAN fir meng Gäscht
- Keng Störerhaftung*
- keen lästegt Passwuert diktéieren méi
- eemoleg (minimal) Uschafungskäschten
- schafft ouni Problemer zousätzlech zu ärem moentanen Router
- Minimalen Entretien

* Dir sidd net dofir verantwortlech wat een aneren iwwert ären Freifunk Router mécht.

# Haften ech dofir?

Wa Gäscht iwwert ären Freifunk Router an den Internet ginn, gëtt den ganzen Trafic ganz legal duerch ee verschlësselte Tunnel (VPN) an d'Freifunk-Netz zum Freifunk-Server geleet. Eréischt vun do aus geet et dann an den Internet.




Fazit: Är Gäscht surfen net mat ärer Identitéit, mä si fir hiert Handele selwer verantwortlech. Dir stellt mat ärem Freifunk-Router nëmmen déi erfuerdelech Infrastruktur fir d'Verbindung mat dem Freifunk-Provider bereet.